RESOLUTIOUN

FIR ENG REFORM VUN DEN AIDES FINANCIÈRES - FAIR, SOZIAL A GERECHT

D'Fro vun der Studiefinanzéierung ass eng zentral, sozial a gesellschaftlech Erausfuerderung, déi wäit iwwer d'Studenteliewen erausgeet. Eng gerecht, transparent a realistesch ausgestallt „Aides financières" ass d'Viraussetzung dofir, datt all jonke Mënsch d'Méiglechkeet huet, e Studium opzehuelen an erfollegräich ofzeschléissen. All Student huet, onofhängeg vu senger sozialer a familiärer Situatioun, Recht op Chancegerechtegkeet am Bildungssystem. De Staat gëtt dofir opgefuerdert, dës Ongerechtegkeeten aktiv unzegoen.

An enger Zäit vu staark klammende Liewens- a Logementskäschten, verännerte Studierealitéiten an engem akute Fachkräftemanktem muss de System vun der Studiefinanzéierung un d'Realitéite vun haut ugepasst ginn. D'CSJ Schüler a Studenten sinn der Meenung, datt eng Reform vun den „Aides financières" net nëmmen noutwenneg, mee dringend ass, fir Chancegerechtegkeet ze garantéieren, sozial Ongläichheeten ze reduzéieren an d'Attraktivitéit vun der Héichschoulbildung nohalteg ze stäerken.

I. MOTIVATIOUN

AN DER ERWÄGUNG, DATT:

- d'Studie-Finanzéierung (Aides financières) d'Garantie fir d'Chancegerechtegkeet an eiser Bildungslandschaft ass;
- zënter der „Lettre d'intention" vum 24. Oktober 2024 tëscht dem Ministère an der ACEL, eréischt de 24. Oktober 2025 ee Gesetzesprojet virgestallt gouf;
- d'Liewenskäschten an d'Logementspräisser an den Universitéitsstied vill Studente finanziell un hir Grenze bréngen;
- Lëtzebuerg en akute Fachkräftemangel a kritesche Beräicher wéi der Medezin an am Handwierk huet.

AN DER FESTSTELLUNG, DATT:

- den aktuellen Deckel fir d'Akommes bei beruffstätege Studenten den Effort fir d'Beruffserfarung bestrooft;
- de System vum ECTS-Suivi Lücken opweist, déi de Wee fir Abus opmaachen a souguer bis zur Dokumentefälschung kéint goen. Am Moment muss en eréischt nom véierte Semester seng ECTS-Punkte beleeë kënnen.
- déi aktuelle Modalitéite vun der „Aides Financières" der haiteger Zäit vum Student a senger Studentestad net méi zäitgeméiss ass.

II. FUERDERUNGEN

D'CSJ SCHÜLER A STUDENTEN FUERDEREN:

A: Sozial Gerechtegkeet an d'Kafkraaft vun de Studente stäerken

1. **Aféierung vun enger „Bourse de Mobilité Sociale":** Dës zousätzlech Bourse soll un e regionalen Index gekoppelt ginn, deen d'Locatiounspräisser an de verschiddene Studentestied berücksichtegt, fir de finanziellen Ënnerscheed tëscht méi deiere Stied a méi erschwéngleche Standuerter auszegläichen. Zudeem soll e Fräibetrag fixéiert ginn. Iwwert dëse Fräibetrag eraus sollen d'Critères d'éligibilité vun der Bourse sociale agesat ginn, fir dësen ze bestëmmen. Dës Mesure däerf awer net zu Laascht vun de bestoende Bourse goen an och net duerch eng Kierzung vun dëse géigefinanzéiert ginn.
2. **Sozial Staffelung vun de Frais d'inscription:** D'Aschreiwungsfraise solle méi staark un d'sozial-ekonomesch Situatioun vun de Studenten ugepasst ginn.
3. **Reduktioun vum Zënssaz:** De maximalen Zënssaz op de Studie-Prêten ass dréngend no ënnen ze korrigéieren. Mir fuerderen dës, wéi am Projet de Loi virgesinn, schnellstméiglech ëmgesat gëtt. (Projet de Loi 8636; III, 3, c p.17)

B: Bekämpfung vum Fachkräftemangel

1. **Aféierung vun „Return-Incentives“:** Studenten a Mangelberuffer (z. B. Medezin, Handwierk) solle finanziell belount ginn (duerch zum Beispill ee Prêt-Erlooss oder ee Crédit d’Impôts), wa se sech verpflichten, no hirem Studium op d’mannst 5 Joer zu Lëtzebuerg ze schaffen.
2. **Valorisatioun vum Handwierk:** D'Aides financières muss d’Besonneschkeeten an d’Käschte vun héichqualifizéierte Formatiounen am Handwierk an am BTS voll unerkennen an deenen aneren akademesche Weeër gläichstellen.

C: Belounung vun Engagement a Leeschtung

1. **Upassung vum Verdéngschtdeckel:** Den Deckel vum maximale Salaire fir en Urecht op d’Aides financières muss dréngend ëm 50 % gehéicht ginn, fir datt Studenten, déi niewebäi schaffen, net finanziell benodeelegt ginn.
2. **Aféierung vun engem Erfolleg-Bonus:** Fir de reegelstudienzäitege Studienofschloss ze förderen, soll e finanzielle Bonus ausbezuelt ginn, soubal den Diplom offiziell beim Ministère unerkannt gëtt.
3. **Flexibilitéit behalen:** D’Toleranz vun 8 Semester fir d’Reegelstudienzäit am Bachelor muss fir d’Sécherheet vun de Studente bestoe bleiwen.

D: System-Integritéit a Kontroll

1. **Verschäerfung vum Suivi:** D’Kontroll vum ECTS-Fortschrëtt (60 Kreditter nom véierte Semester) muss verbessert ginn, fir systemateschen Abus ze verhënneren an d’Gerechtegkeet tëscht de Studenten ze garantéieren.
2. **Käschten-Transparenz:** Eng besser finanziell Ënnerstëtzung bei administrativen Hürden, wéi Equivalenzen, Notteniwwerdroungen an offiziellen Iwwersetzungen.

III. CONCLUSIOUN

D'CSJ Schüler a Studente setzen sech fir eng dréngend a zukunftsorientéiert Reform vun den „Aides financières" an. Déi virgeschloe Mesurë baséieren op de Liewensrealitéite vun de Studenten a solle sozial Ongerechtegkeeten ofbauen, ouni neier ze schafen. Eng modern Studie-Finanzéierung erlaabt et deene Jonken, sech op hiert Studium ze konzentréieren an hiert Potenzial voll z'entfalen. Mat dëser Resolutioun wëllen d'CSJ Schüler a Studenten haut schonn d'Grondlage fir e méi gerechten Héischschoulsystem leeën am Interessi vun de Studenten, vun der Gesellschaft a vun der Zukunft vum Land.